Amicale vun de Pompjeeën aus dem Kanton Réiden

05.11.2014

Statuten

Kapitel 1: Numm; Sëtz; Dauer; Zweck an Geschäftsjoer

Art. 1 Den néie Veräin „ Amicale vun de Pompjeeën aus dem Kanton Réiden " ass, Mëttwochs, de 05. November 2014 zu Viichten entstan; aus dem Kantonal-verband vun de fräiwëllege Pompjeeën aus dem Kanton Réiden, deen, den 31. Dezember 2014 opgeléist ginn ass.

Art. 2 De Sëtz vun der Amicale ass zu Groussbus, rue de Buschrodt, um 1. Stack am Sall vum fréiere Kantonalverband iwwert dem Pompjeesbau vun der Gemeng Groussbus. De Sëtz kann duerch e normale Beschloss vum Komitee op eng aner Plaz am Kanton verluecht ginn, ënnert Berücksichtege vun der Klausel aus der Konventioun mat der Gemeng Groussbus.

Art. 3 Dauer vun der Amicale ass onbegrenzt.

Art. 4 D'Amicale iwwerhëlt a verwalt d' Material souwéi d'Keess vum fréiere Kantonal-verband. D'Matérial gëtt dem Regionalverband Norden (Regioun 1) bäi Bedarf zur Verfügung gestalt.
D'Amicale fuerdert an fleegt d'Komerodschaft ënnert de Pompjeeën.

Art. 5 Dat éischt Geschäftsjoer fänkt um Grënnungsdag un an endegt den 31. Dezember 2015. All déi folgend Geschäftsjoere vun der Amicale fänken den 1. Januar un an ändegen den 31. Dezember vum selwechte Joer.

Kapitel 2: Memberen vun der Amicale

Art. 6 Ab dem 18. Liewensjoer, kann all aktiven an inaktive Pompjee (ouni Altersgrenz no uewen) aus dem Kanton Réiden, Member an der Amicale ginn.

Art. 7 Wien Member vun der Amicale well ginn, meld sech bei engem Member vum Komitee. De Komitee decidéiert iwwert d' Ophuelen an d' Amicale.

Art. 8 De Joeresbeitrag gëtt vum Komitee festgeluecht a vun der Generalversammlung bestätegt. De Joeresbeitrag gëtt an der Generalversammlung vun de Memberen bezuelt.

Art. 9 All Member ass verflicht d' Statuten unzeerkennen.

Art. 10 Et ass een net méi Member vun der Amicale:
nom Doud,
wann een aus perséinlechen Grënn austrëtt (dann ass een verflicht dem Komitee dëst matzedeelen) oder
de Komitee huet d' Recht e Member auszeschléissen bei net respektéieren vun de Statuten oder bei engem schwéiere Fehler.

Kapitel 3: De Komitee

Art. 11 D' Amicale gëtt vun engem Komitee gefouert, mam President un der Spëtzt. De Komitee besteet aus 5 - 7 Léit, soll awer ëmmer ongrued sinn:
a) dem President
b) dem Vizepresident
c) dem Sekretär
d) dem Keessjee
e) 1 oder max. 3 Memberen

Art. 12 Den éischte Grënnungskomitee soll 1 Joer laang schaffen. Duerno ginn déi jeeweileg Komiteesmembere fir 4 Joer gewielt an zwar a gekräizter Reinfolleg. Ugefang nom 1. Joer mam Vizepresident, dem Sekretär an 1 resp. 2 Memberen (bei 7 Léit). Nom 3. Joer, de President mam Keessjee an 1 Member (bei 7 Léit). Bei gläiche Stëmmen, ass de Kandidat gewielt , deen déi meeschten Dingscht-joere bei de Pompjeeën huet an duerno den Eelsten.
Bei nëmmen enger Kandidatur, gëtt deen direkt an de Komitee opgehol.

Art. 13 Een austriedende Komiteesmember kann erëm an de Komitee gewielt ginn.

Art. 14 De Komitee huet all Rechter, déi noutwenneg sinn, fir e gutt Fonctionnéiere vun der Amicale ze garantéieren.

Art. 15 Et ass een net méi Komiteesmember: nom Doud, fräiwëllegen Austrieden, net méi erëm gewielt oder Ausschloss. An dem Fall gëtt déi fräi Plaz nees ausgeschriwwen. Den nei gewielten Kandidat mécht d'Amtszäit (max. 4 Joer) vum Virgänger fäerdeg.

Art. 16 De Komitee trëtt esou oft zesummen, wéi dat gutt Fonctionnéieren vun der Amicale et verlaangt, awer mindestens 2 mol am Joer. De President, oder wann 1/3 vum Komitee dëst wënscht, rifft d'Sëtzung an. All Komiteesmember, deen verhënnert ass, muss sech virun der Komiteessëtzung afmellen.

Art. 17 Decisiounen vum Komitee ginn mat einfacher Majoritéit vun den unwiesenden Komiteesmemberen geholl. Am Fall vun Stëmmengläichheet, zielt dem President seng Stëmm doubel. De Komitee ass stëmmberechtegt, wann d' Halschent vun de Komiteesmemberen plus Een uwiesent sinn.

Art. 18 Vun all Komiteessitzung muss ee Sitzungsbericht gemach ginn. Dëse muss vun de Komiteesmemberen accordéiert, vum President a dem Sekretär ënnerschriwwen ginn.

Art. 19 De President ass fir eng gutt Leedung vun der Amicale zoustänneg. Am Fall vun enger Verhënnerung, gëtt hien vum Vizepresident vertrueden.

Art. 20 De Sekretär erleedegt, déi schréftlech Aarbechten, wéi Korrespondenz, d'Berichter, d' Invitatiounen fir déi verschidde Versammlungen a Veranstaltungen,...

Art. 21 De Keessjee ass fir d' Finanzen zoustänneg. Hien muss d' Einnamen an d' Ausgaben an enger Lëscht androen. D'Rechnungen si bei all Komitees-versammlung op den Dësch ze leeën an ze bezuelen. Rechnung muss vum President oder Vizepresident am Komitee ënnerschriwwe ginn. Bei all Komiteessitzung muss e Keessebericht gemaach ginn. Hien muss all Geschäftsjoer mat engem vollstännege Finanzbericht afschléissen.

Art. 22 De Komitee muss all Joer der Generalversammlung een Aktivitéitsbericht an e vollstännege Keessebericht vum leschte Geschäftsjoer presentéieren. De Keessebericht muss vun 2 Keesserevisoren bestätegt ginn.

Art. 23 Déi 2 Keesserevisoren gi vun der Generalversammlung bestëmmt an all Joer an hirem Amt bestätegt. D'Keesserevisoren däerfen net Member am Komitee sinn.

Kapitel 3: D' Generalversammlung

Art. 24 D' Generalversammlung kënnt all Joer am 1. Drëttel vum Kalennerjoer (an enger uerdentlecher Sessioun) zesummen. Si kënnt an enger ausseruerdentlecher Sessioun zesummen, wann et noutwenneg ass.

Art. 25 D' Generalversammlung gëtt wéinstens 14 Deeg virdrun aberuff. Op der Aluedung muss Dagesuerdnung stoen.

Art. 26 D' Entscheedungen an der Generalversammlung gi mat der einfacher Majoritéit vun de Stëmme geholl. All Member vun der Amicale huet eng Stëmm.

Art. 27 D' Generalversammlung huet folgend Aufgaben:

- Wahl vun de Komiteesmemberen
- Wahl vun de Keesserevisoren
- Genehmegung vum Tätegkeets- a Keessebericht
- Entlaaschtung vum Komitee
- Ännere vun den Amicalesstatuten
- Opléise vun der Amicale

Kapitel 4: Verschiddenes

Art. 28 Nom Doud, Austrieden oder Ausschloss vun engem Member aus der Amicale besteet keen Urecht op iergend eng Aus- oder Réckbezuelung. Den austriedende Member, resp d' Famill ass verflicht, all déi Sachen, déi der Amicale gehéieren, dem President oder engem aneren Komiteesmember zerëck ze ginn. Fir all Schued kënnt den betreffende Member op.

Art. 29 Beim Opléise vun der Amicale, geet de Rescht vun de Finanzen a de ganzen Mobilier un de Regionalverband Norden, ausser d' Generalversammlung huet eng aner Decisioun geholl.

Folgend Corpsen, déi an der Delegéiertenversammlung den 05. November 2014 zu Viichten deelgehol hunn si mat de Statuten averstan a si hunn d' Statuten an dëser Form ugehol.

- Uerschdref-Bilschdref
- Biekerech
- Préizerdaul
- Bungeref
- Ell
- Iewerleng
- Gréiwels
- Groussbus
- Holtz
- Pärel-Wolwen
- Rammerech
- Réiden
- Rippweiler
- Sëll
- Schandel
- Useldeng
- Viichten